N° 7354
Entrée le 09.12.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 12.12.2022

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 9. Dezember 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

Aus der Äntwert op d'parlamentaresch Fro 7111 geet ervir, dat Kader vum Projet „Schlasskéier" zu Wolz eventuell eng Annexe vum Centre Hospitalier du Nord kéint realiséiert ginn. De Sujet ass och viru kuerzem am Gemengerot vun der Gemeng Wolz thematiséiert ginn. An deem Kontext wollt ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch stellen.

- Ëm wat genee geet et beim Projet „Schlasskéier" zu Wolz?
- Wou ass dëse Projet drun?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Martine Hansen**

**Deputéiert**

N° 7354
Entrée le 17.01.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch an vum Här Minister fir sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 7354 vum 9. Dezember 2022 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Martine Hansen an op d'parlamentaresch Fro n° 7368 vum 13. Dezember 2022 vun den honorabelen Deputéierten Madamm Carole Hartmann an Här André Bauler.**

Wéi an der Äntwert op déi parlamentaresch Fro n° 6221 beschriwwen, ass am Kader vun den Iwwerleeunge vum CHdN zu der Installatioun vun engem IRM Apparat um Site Woltz gekuckt ginn, ob eng Installatioun an der Klinik St. Joseph oder an engem eventuellen zukünftege Projet am Kader vun engem Centre médical 'Schlasskéier' soll realiséiert ginn. Des Iwwerleeunge sinn am Kader vun der Optimisatioun vun der Prise en Charge vun de Patienten um Site St. Joseph gemaach ginn.

Weider Detailer zum Projet 'Schlasskéier' leien dem Gesondheetsministère zu dësem Zäitpunkt net vir. D'Bedreiwe vun engem Centre médical ass onofhängeg vum Spidol. Sollten awer Spidolsaktivitéiten do realiséiert ginn, géif dat mam CHdN organiséiert ginn.

Dem Gesondheetsministère ass Enn Dezember 2022 eng Demande vum CHdN an een Dossier fir eng Autorisatioun an Installatioun vun engem IRM Apparat an der Klinik St. Joseph virgeluecht ginn. No Analyse vum Dossier wäert des Demande der Commission permanente pour le secteur hospitalier fir Avis virgeluecht ginn.

Fir d'Fro zu den Noutdéngschtservicer verweise mir op d'Äntwert zu der parlamentarescher Fro n° 5786.

Lëtzebuerg, den 17. Januar 2023

D'Gesondheetsministesch

(s) Paulette Lenert